N°5484
Reçue le 10.01.2022
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.01.2022

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2022

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dränglech parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

*„Et ass eis zu Ouere komm, datt op verschiddene soziale Medien een Opruff gemaach gëtt fir d'nächst Woch un enger Covid-Demonstratioun virum Spidol Robert Schuman um Kierchbierg deelzehuelen.*

*Ofgesinn dovunner, datt dëst inakzeptabel vis-à-vis vun dem ganze Gesondheets- a Fleegepersonal ass, dat zanter bal zwee Joer un éischter Front am Kampf géint d'Pandemie steet, wéilte mir an deem Kader dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:*

- *Huet den Här Minister scho vun dësem Opruff op de soziale Medien héieren?*
- *Gouf dës Manifestatioun schonn iwwer den offizielle Wee bei den zoustännegen Autoritéiten ugemellt?*
- *Wéi reagéiert de Här Minister vis-à-vis vum Opruff virun enger Klinik ze demonstréieren, besonnesch mam Wësse wéi d'Manifestatiounen an de leschte Wochen ofgelaf sinn ?*
- *Ass den Här Minister och der Meenung, dass zu all Moment am Land d'Accèsen an d'Zoufaartsweeër zu de Klinicken, mee och zu anere wichtege Rettungsdéngschter an Unitéiten net duerch Manifestatiounen dierfe perturbéiert ginn?*
- *Wäert an deem Kader also séchergestallt ginn, datt den Accès zum Spidol fir d'Patienten an d'Rettungsdéngschter zu all Moment garantéiert bleift?"*

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY
Deputéierten

Carole HARTMANN
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'drénglech parlamentaresch Fro n° 5484 vum 10. Januar 2022 vun den honorabelen Députéierten Claude Lamberty a Carole Hartmann**

**Huet den Här Minister scho vun dësem Opruff op de soziale Medien héieren?**

D'Police assuréiert ee Monitoring vun de soziale Medien fir sech am Kontext vun de rezenten Manifestatiounen an der Entwécklung vun der Situation adequat kënnen opzestellen. De Minister steet a regelmeissegem Kontakt mat der Direktioun vun der Police an de Regionaldirektiounen.

**Gouf dës Manifestatioun schonn iwwer den offizielle Wee bei den zoustännegen Autoritéiten ugemellt?**

Zum Zäitpunkt wou däss parlamentaresch Fro era komm ass, ass säitens der Stad Lëtzebuerg dem MSI konfirméiert ginn, dass däss Manifestatioun net ugefrot ginn ass.

**Wéi reagéiert de Här Minister vis-à-vis vum Opruff virun enger Klinik ze demonstréieren, besonnesch mam Wësse wéi d'Manifestatiounen an de leschte Wochen ofgelaf sinn?**

All net ugemellten Manifestatiounen a Manifestatiounen déi ausserhalb dem Zoning stattfannen, dee virgesi gi ass fir d'Sëcherheet vun de Bierger an de Polizisten versteisst geint Gemengereglement dat virschreift dat all Manifestatioun muss am Virfeld ugemellt ginn.

**Ass den Här Minister och der Meenung, dass zu all Moment am Land d'Accèsen an d'Zoufaartsweeër zu de Klinicken, mee och zu anere wichtege Rettungsdéngschter an Unitéiten net duerch Manifestatiounen dierfe perturbéiert ginn?**

Jo. Accèsen an Zoufaartsweeër zu de Klinicken mussen iwerall an ënner allen Ëmstänn fräi bleiwen.

**Wäert an deem Kader also séchergestallt ginn, datt den Accès zum Spidol fir d'Patienten an d'Rettungsdéngschter zu all Moment garantéiert bleift?"**

Déi eischt Prioritéit vum Dispositif vun der Police ass dass keng Persoun zu Schued kënt.

Lëtzebuerg, den 11.01.2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX